| Gewinnten Software | Alternativ | Erklärung | Link |
|---|---|---|---|
| Windows | Linux | Linux ass een alternatiivt Betribssystem dat haut well immens vill am Gebrauch ass, zemol op Plaze wou een et net giff mengen. Sou lafen zum Beispill Lifter, Android Smartphones, Automate vun all Zort a vill méi op Linux. Linux ass als oppen Alternativ entwéckelt ginn an et gëtt och vill méi Wäert op Sécherheet geluecht. Och gëtt et net nëmmen eng Zort vu Linux mä eng helle Wull un verschiddenen Distributiounen déi fir verschidden Zilgruppe konzipéiert goufen. Sou ginn et extra Distributiounen, déi op Schoulen zougeschnidde sinn, oder fir Leit déi Musek/Filmer entwéckelen. Fir den Ufänger, dee grad reicht op Linux wiesselt, empfehle mir Ubuntu oder Linux Mint. | Ukucken |
| Windows | BSD | Nieft Linux ginn et och nach Betribssystemer aus der BSD Rei. Des Betribssystemer baséieren op UNIX. BSD ass awer näischt fir Ufänger déi grad den Entschloss gefaasst hunn vun Windows ze wiesselen. Well hei gëtt een dann an d'kaalt Waasser gehäit. Mä vläit ass dat jo déi beschten Aart a Weis ze léieren? :) Déi zwee bekanntsten Derivater a wuel di mat der gréisster Community am Réck sinn FreeBSD an OpenBSD. | Ukucken |

From:
https://wiki.c3l.lu/ - **Chaos Computer Club Lëtzebuerg**

Permanent link:
**https://wiki.c3l.lu/doku.php?id=projects:security:cypherpunks&rev=1633899689**

Last update: **2021/10/10 23:01**